



Äntwert vun der Madamm Inneministesch, Taina Bofferding, op d'parlamentaresch Fro n° 8388 vum Deputéierte Sven Clement zum Sujet "Réduction du service provisoire dans le secteur communal"

E Règlement grand-ducal vum 25. Mee 2023¹ gesäit vir, dass Gemengebeamte vum 1. Juli 2023 un eng Reduktioun vun hirem Service provisoire nëmmen da kënnen kréien, wann et hinne méiglech ass, während hirem Service provisoire hir Formatiounen ze suivéieren an déi dozou gehéiereg Examen ze maachen. Eng ähnlech Dispositioun applizéiert sech schonn zënter enger Zäit fir d'Stagiairë beim Staat.

Dat Reglement gesäit keng Iwwergangsbestëmmung fir déi Persounen vir, déi virum 1. Juni 2023 eng Reduktioun vun hirem Service provisoire accordéiert kruten. Déi nei Bestëmmung betrëfft nëmmen déi Reduktiounen, déi säit dem 1. Juli 2023 décidéiert gi sinn.

De Gemengebeamtestatut gesäit net vir, dass eng definitiv Nominatioun ka retroaktiv applizéiert ginn. Op Grond vun der Pandemie an der Reform vun der Ausbildung vum Gemengebeamten am Joer 2021, déi en Impakt op d'Aschreiwungsdélaien haten, hat den Inneministère de Gemengenautoritéiten duerch d'Circulaire n° 4149 vum 13. Juni 2022 erlaabt, hire Fonctionnaires a verschiddene Situatiounen, retroaktiv eng definitiv Nominatioun ze ginn. Dës temporär Dérogatioun ass den 31. Juli 2023 ausgelaf an huet näischt mat der Ännerung vum uewen ernimmte Reglement ze dinn.

De Saz, deem den Deputéierten aus der Circulaire n°2023-091 vum 21. Juli 2023 zitéiert, a laut deem eng eventuell zukünfteg definitiv Nominatioun kee retroaktiven Effekt kann hunn, bezitt sech op dee Fall, an deem e Gemengebeamten eng Reduktioun vum Service provisoire accordéiert krut, um Enn vu sengem Service provisoire d'Konditiounen, fir definitiv genannt ze ginn, awer net erfëllt an aus deem Grond vum Gemengerot de Service provisoire verlängert kritt. Wann de Gemengerot dem Beamten dono eng definitiv Nominatioun gëtt, kann dës sech net retroaktiv applizéieren.

Den Inneministère féiert keng Statistik iwwert d'Zuel vu Gemengebeamten, déi eng Reduktioun vun hirem Service provisoire accordéiert kréien.

All Gemengebeamte muss während sengem Service provisoire eng Formation générale an eng Formation spéciale suivéieren. Fir d'Employés communaux ass just eng Formation générale obligatoresch. D'Formation générale besteet aus engem "Tronc commun" vu 60 Stonnen, dee praktesch all Mount vum Institut national d'administration publique (INAP) organiséiert gëtt, esou dass all Agent, deem am Service provisoire ass, an engem raisonnablen Delai zu dëser Formatioun kann zougelooos ginn. Dobäi kommen nach Formations au choix vun am Ganzen 30 Stonnen, déi de Beamten, jee no senger Disponibilitéit, ka suivéieren.

D'Formation spéciale gëtt vum Inneministère organiséiert an a Form vu Modullen ugebueden, woubäi all Fonctionnaire am Service provisoire 60 Stonne Course maache muss. An deene seelene Fäll, wou e Beamten net konnt an e Cours ageschriwwen ginn, well net genuch fräi Plazen zur Verfügung waren, hunn d'Servicer vum Inneministère probéiert, eng Léisung ze fannen, andeems se mat dëser Persoun zesummen no engem alternative Cours gesicht hunn. D'Formation spéciale gëtt all Joer an zwou Sessiounen

¹ <https://www.legilux.public.lu/eli/etat/leg/rgd/2023/05/25/a292/jo>



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Intérieur

ugebueden. Wa Couren iwwerbeluecht sinn, gëtt probéiert, an deene Matièreen zousätzlech
Formatiounen z'organiséieren.

Déi aktuell Offer u Formatioun während dem Service provisoire vu Gemengenagenten erlaabt et,
d'Demande aus dem Secteur ofzedecken.

Lëtzebuerg, de 27.10.2023.
D'Inneministesch
(s.) Taina Bofferding